**Äntwert vum Här Delegéierte Minister fir Digitaliséierung, vun der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz, vun der Madamm Gesondheetsminister a vum Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Ufro n°4159 vum Här Deputéierten Jeff ENGELEN a vum Här Deputéierten Roy REDING iwwer "IATA Travel Pass Initiative".**

Wéi den honorabelen Deputéierte richteg bemierkt, handelt et sech a sengem Beispill ëm eng App, déi vun enger Associatioun vu Privatgesellschaften entwéckelt gëtt. Weder de Lëtzebuerger Staat nach eng Lëtzebuerger Fluchgesellschaft ass un dëser Entwécklung bedeelegt.

D'IATA ass eng privat Associatioun, an där net nëmmen europäesch Fluchgesellschafte vertruede sinn. Als privat Associatioun kann si selbstverständlech sou eng Initiativ onofhängeg vun de Pläng vun der Europäescher Unioun huelen.

Wat déi aktuell Entwécklunge vum europäesche Covid Certificat ("EU Digital Covid Certificate") ugeet, ass de staatlechen Zenter fir Informatiounstechnologien (CTIE) amgaangen, deen am EU eHealth Network ausgeschafften, technesche Standard ëmzesetzen an de Lëtzebuerger Covid Impf-Certificat sou unzepassen, dass en dee vun der EU virgeschriwwene QR-Code ënnerstëtzt. De Standard vun der Europäescher Unioun, am Kader vum EU Covid Certificat, gesäit fir, dass och ee QR Code op Pabeier ënnerstëtzt gëtt, an de Bierger de Choix huet, op wat fir engem Support hie säin Impf-Certificat presentéiert. D'Bierger kréien en ausgedréckten Impf-Certificat ausgehännegt. Et ass virgesinn, dass dës Certificate bei MyGuichet zu Verfügung gestallt kënne ginn. Des Ëmsetzung soll an deenen nächste Wochen ofgeschloss sinn. Lëtzebuerg huet an engem Pilot Grupp matgeschafft fir déi europäesch Léisung ze testen an ass säit dem 1. Juni 2021 mat der europäescher Infrastruktur verbonnen.

Beim europäesche Covid Certificat geet et primär drëm, déi aktuell Pabeierscertificate fälschungsssécher ze maachen, sech eens ze sinn, wat genau fir Donnéeën op dëse Certificaten ze stoen hunn an e legalen EU Kader ze schafen, fir datt all EU Memberstaat dës unerkennt, wann se vun engem anere Memberstaat certifiéiert sinn. An dësem Kader ginn déi Donnéeën, déi op deene Certificate stinn, net zentral gespäichert, an et ginn och kéng nei Datebanken erstallt. Op deenen Certificate steet am Prinzip näischt Neies drop sou dass d'Dateschutzorganisatiounen an de Konsumenteschutz zur Zäit net an dësen techneschen Aarbechten impliziéiert sinn. Et kënnen e puer technesch Donnéeën derbäi komme wéi z. Bsp. d'Mark vum Test, dee benotzt ginn ass. Et gëtt nämlech op EU Niveau eng Lëscht vu Schnelltester, wou eng géigesäiteg Unerkennung assuréiert ass. Op deem Punkt sinn d'Laboratoiren, déi PCR-Tester Certificater erstellen, an den technesche Viraarbechten impliziéiert.

Den europäesche Covid Certificat ass u sech nëmmen eng iwwerpréifbar a sécher Bestätegung, dass den eenzelen Europabierger entweder geimpft ass, eng geheelten Infektioun hannert sech huet oder ee rezenten negative PCR oder Antigen-Test gemaach huet. D' Grondiddi ass natierlech de Bierger erëm z'erméigleche fräi ze reesen. Wat fir konkret Rechter schlussendlech domat verbonne sinn, decidéiert all Land selwer, baséierend op der aktueller epidemiologescher Situatioun (Inzidenz, Verbreedung vu Varianten, ... etc). Lëtzebuerg geet de Wee vun der EU

Léisung mat, a setzt déi gängeg Dateschutz a Sécherheets Mesurë, mat deenen entspriechenden technologesche Standarde fir de Bierger optimal ze schützen, ëm.

D'europäesch Kommissioun ass a Kontakt mat der Associatioun vun de Fluchgesellschafte fir mat dësen z'analyséiren, wéi dës Certificaten an der Praxis bei hinnen implementéiert kenne ginn. Mir waarden hei op d'Resultater vun dësen Aarbechten.

Generell ass ze soen, dass natierlech all App, déi entwéckelt an agesat gëtt, sech un di bestoend Gesetzgebungen ze halen huet. Wann dëst net de Fall ass, ass et un der Justiz géint eventuell Abuse vir ze goen. De Gebrauch vun esou enger App soll och keng Konditioun si fir kënnen ze verreesen. De Konsument kann, sollt hien Zweiwelen u privaten Appen hunn, demnächst op den europäesche Covid Certificat zeréckgräifen. Fir zousätzlech Informatiounen iwwert den europäesche Covid Certificat, verweise mir op d'Äntwerten op di parlamentaresch Ufroen Nr. 4086, 4098, 4336 a 4343.